LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Département de la mobilité
et des transports

# FAQ

# "3G" fir Camionschaufferen

**1. Wat ass "3G op der Aarbechtsplaz"?**

"3G" bedeit "geimpft, genesen, getest". All Salarié a Selbstännegen muss op d'mannst ee vun dësen dräi Konditiounen erfëllen, fir Zougang zu hirer Aarbecht ze kréien. De Patron ass verpflicht ze kontrolléieren ob säin Employé der "3G" Regel entspréchen.

**2. Fir wéi een Zäitraum gëllt di "3G" Regel?**

Di "3G" Regel gëllt vum 15. Januar 2022 bis inklusiv den 28. Februar 2022.

**3. Gëllt di "3G" Regel och fir Camionschaufferen u Bord vun hirem Gefier?**

Jo. Well d'Gefier d'Aarbechtsplaz vum Chauffer ass, gëllt di "3G" Regel fir de Chauffer u Bord vun sengem Gefier.

**4. Gëlt di "3G" Regel och fir Camionschauffere vun auslännesche Firmen, déi op Lëtzebuerg fueren?**

Nee, di "3G" Regel gëllt net fir Chauffeure vun auslännesche Firmen, ausser se maachen Cabotage-Operatiounen.

**5. Muss een ongeimpfte Chauffer, deen op Lëtzebuerg ukënnt oder zréckkënnt, en negativen Test hunn, ier hien d'Grenz iwwerschratt huet, oder kann en een Test maachen nodeems hien op senger Destinatioun ukomm ass?**

De Chauffer ka säin Test maachen nodeems hien op senger Destinatioun ukomm ass.

**6. Ënnerläit ee Chauffeur, deen duerch Lëtzebuerg ënnerwee ass, der "3G" Obligatioun?**

Nee, di "3G" Regel gëllt net fir Chauffeuren, déi duerch Lëtzebuerg ënnerwee sinn.

**7. Gëllt di "3G" Regel bei Cabotage?**

Jo. Bei Cabotage gëllt di "3G" Pflicht och fir auslännesch Transportfirmen an hir Chaufferen.

**8. Wou fannen ech eng Lëscht mat den Teststatiounen?**

Kuckt wgl. ënner https://covid19.public.lu/lb.html oder rufft d'Hotline (+352) 24765533 un.

**9. Ka sech een ongeimpfte Chauffer nuets oder um Weekend teste loossen?**

Kuckt wgl. ënner https://covid19.public.lu/lb.html oder rufft d'Hotline (+352) 24765533 un.

**10. Muss den Test zertifizéiert sinn?**

Jo. Nëmmen zertifizéiert Tester ginn unerkannt.

**11. Wéi laang ass en Test valabel?**

D'Validitéitsperiod vun engem SARS-CoV-2 Antigen Schnell-Test ass 24 Stonnen vum Datum an der Zäit vun der Prise déi néideg ass fir den Test auszeféieren. D'Validitéitsperiod vun engem PCR Test ass 48 Stonnen vum Datum an der Zäit vun der Prise déi néideg ass fir den Test auszeféieren.

**12. Gëtt ee Chauffer dee mam Sputnik V oder Sinovac geimpft gouf als "geimpft" ugesinn?**

Nee. D'Impfunge Sputnik V a Sinovac sinn zu Lëtzebuerg net autoriséiert. Chaufferen, déi mat esou enger Impfung geimpft sinn, ginn dofir als "net geimpft" ugesinn.
Déi folgend Impfunge sinn zu Lëtzebuerg ugesinn: Biontech-Pfizer, Moderna, AstraZeneca an Johnsen&Johnson.

**13. De Camion ass net um Betribssëtz, mee bei engem Client, op enger Parkplaz, do wou de Chauffer wunnt, asw. Muss de Patron een op dës Plazen schécken fir ze kucken ob de Chauffer der "3G" Obligatioun entsprëcht ier hien an d'Gefier klëmmt? Gëllt dës Obligatioun och fir auslännesch Patronen, deenen hir Chaufferen an hir Gefierer zu Lëtzebuerg sinn?**

D'Gesetz schreiwt net vir, wéi de Patron muss kucken, ob de Chauffeur di "3G" Regel respektéiert. Dofir muss de Patron dës Obligatioun mat all de Moyenen, déi hien zur Verfügung huet, iwwerwaachen.
Fir auslännesch Patronen gëlt dës Obligatioun just wann hire Chauffeur Cabotage-Operatiounen zu Lëtzebuerg mécht.

**14. Brauch een ongeimpften Chauffer en Test fir seng alldeeglech oder wëchentlech Rou u Bord vu sengem Gefier ze verbréngen?**

Nee. Di "3G" Pflicht gëllt nëmme wann de Chauffer schafft (z.B. beim Fueren, Auslueden, Lueden, asw.).

**15. Ass e Chauffeur dee positiv getest gouf nach ëmmer erlaabt a säi Gefier ze klammen?**

Nee. E Chauffer dee positiv getest gouf muss sech direkt isoléieren. Fir méi Informatiounen iwwer d'Isolatioun, kuckt wgl. ënner https://covid19.public.lu/lb.html oder rufft d'Hotline (+352) 24765533 un.

**16. Kann e Chauffeur, dee positiv getest gouf, weiderfueren oder muss e fir d'Dauer vun der Isolatioun mat sengem Gefier stoe bleiwen?**

E Chauffer dee positiv getest gouf muss sech direkt isoléieren. Fir méi Informatiounen iwwer d'Isolatioun, kuckt wgl. ënner https://covid19.public.lu/lb.html oder rufft d'Hotline (+352) 24765533 un.

**17. Wat fir Strofen si virgesinn?**

D'Gesetz gesäit eng administrativ Geldstrof vu bis zu 6.000 € fir de Patron an eng Geldstrof vun 300 € fir den Employé vir, oder eng Geldstrof vu 500 € bis 1.000 € am Fall vun engem Geriichtsprozess.

**18. Wou kann ech dat Gesetz fannen (nëmmen op Franséisch)?**

http://data.legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2020/07/17/a624/jo

Halt Iech wgl. ëmmer un déi lescht konsolidéiert Versioun. Am Artikel *3septies* geet et ëm "3G op der Aarbechtsplaz".